

 <p>Fédération Luxembourgeoise de Marche Populaire asbl</p> <p><small>N° registre de commerce : F1749</small></p> <p><small>Membre du Comité Olympique et Sportif Luxembourgeois (COSL) Membre de la Fédération Internationale des Sports Populaires (IVV) Membre de la Fédération Européenne des Sports Populaires (EVV)</small></p> <p><small>B.P. 56 · L-9201 Diekirch · Internet: www.flmp.lu · e-Mail: info@flmp.lu · GSM: 691 302 687 compte bancaire N°: CCIPLULL LU90 1111 0469 4089 0000</small></p>			
---	---	---	--

Ref. : FLMP-2018-170

Juli 2018

Newsletter 3 / 2018

All you can walk in ... 24 h

Et bleiwe nach knapp 2 Méint, dann ass et esou wäit. Eis 24-Stonne-Wanderung an eisen Nationale Wanderdag sollen an der Coque um Kierchbierg eise Wandersport nach méi, populär maachen. Eis Veräiner, et sinn der 50, sinn alleguerten opgeruff fir eis eng Hand mat unzepaken. Leider hu just d'Halschent vun eise Veräiner sech bis elo gemellt.

Besonnesch froe mer e puer Leit fir eng Kontroll an der Nuecht ze maachen, dëst vun 01.30 -07.00 Auer. Och aner Plaze bleiwen nach ze besetzen.

Mir zielen nach ëmmer op d'Hëllef yun all eise Veräiner. Dofir mellt iech am FLMP-Sekretariat iwwert Telefon oder iwwert E-Mail.

Amicale Vun der POST

Am Ufank vum Joer huet d'Lëtzebuerger Wandersportfederatioun e neie Projet lancéiert, fir och bei de Firmen a Banken eise Wandersport méi bekannt ze maachen. Déi sougenannte Corporate Offer ass geduecht, dat e Betrib, en Bank oder eng Firma senge Leit d'Méiglechkeet gëtt, fir sech un eise Wanderungen ze bedeelegen an och d'Käschten dovunner iwwerhëlt.

Mat der Amicale vun der Post konnte mir den 21. Juni déi éischt Konventioun ënnerschreiwen. Elo kënnen si bis zu 50 Membere kënnen melle fir eng Corporate-Lizenz vun eis ze kréien, déi hinnen et erlaabt, gratis un eise Wanderungen deelzehuelen. Zousätzlech kréien si e Becher, eng Stempelkaart sou wéi verschidden aner Privileegien. Dofir bezilt de Betrib eng festgeluechte Cotisatioun un d'FLMP.

Déi genee Prozedur fir dëst mat de Veräiner ze verrechnen, kritt all Veräin zougeseckt. Denkt drun, datt dir ab elo och eis nei Partnerorganisatioun op är Startlëscht derbäi setzt.

Changement am FLMP-Verwaltungsrot

Den 13. Juni 2018 huet den André Henrard, Vize-President vun der FLMP, schrëftlech seng Demissioun am Verwaltungsrot agereecht, dëst aus perséinleche Grënn. D'FLMP seet dem Änder Merci fir dän Asaz wärend 23 Joer.

Dëse Poste bleift elo opstoe bis déi nächst Generalversammlung vun der FLMP de 9. Februar 2019 zu Schëffleng.

Marche Télévie

No enger Entrevue mat der Generaldirektioun vu Match huet de Verwaltungsrot vun der FLMP beschloss, och weiderhi mat hinnen zesummen den Télévie-Marsch zu Gréiwemaacher ze organiséieren. Dësen ass och fir d'nächst Joer erëm an eise Kalenner ze fannen, an zwar de 24. Februar 2019.

Als Géigeleeschtung fir d'Annulatioun vun dëser Wanderung am Joer 2018 huet de Match och akzeptéiert, fir eng Strof vu 500.- € ze bezuelen, esou wéi dëst an eise Reglementer virgesinn ass, wann eng Organisatioun kuerzfristeg ofgemellt gëtt.

D'FLMP wäert dëse Montant un Télévie spenden.

Yuppi-Walk 2019

Fir d'nächst Joer hu mir och erëm vum Cactus d'Erlaabnis kritt fir 6 Yuppi-Walken ze organiséieren. Traditionell ginn dës jo am Cactusbësch, am Cactus-Bongert an op dem Nationale Wanderdag organiséiert. Weiderhin hunn sech d'Veräiner aus der Fiels a vun Diddeleng gemellt fir esou eng Organisatioun. En Datum bleift nach ze verginn. Interessente sollen sech beim FLMP-Sekretariat mellen, dëst bis spéitstens de 15. Juli 2018, fir datt mir dës Datumer och an eise Kalenner kréien.

Formatioun Geoportail & FLMP-Internet

D'Strecke vun eise Wanderungen ginn elo schonns bal 2 Joer um Internet publizéiert am Format Geoportail. An der Tëschenzäit funktionéiert dëst och schonns ganz gutt.

Well awer ëmmer erëm gefrot gött, op mir eventuell nach eng Formatoun géifen ubidden, froe mir elo déi Léit, déi sech dofir intresséieren, sech mam FLMP-Sekretariat a Verbindung ze setzen. Sollte mer genuch Kandidaten zesumme kréien, wäerte mir och gären nach esou eng Formatoun am Hierscht ubidden.

D'Veräiner, déi net mam Geoportail schaffe kënnen, dierfen hir Strecken och an engem anere Format an d'Sekretariat schécken. D'FLMP-Sekretariat zeechent dës Strecken dann am richtege Format a verrechent dem Veräin d'Aarbechtsstonnen.

Mir wëllen d'Veräiner och nach eng Kéier drop hiweisen, datt d'Strecke mat de Verlinkungen an d'Flyere solle spéitstens 6 Woche virum Organisationsdatum beim FLMP-Sekretariat anzereeche si fir dës kënnen op eiser Internetsite ze publizéieren.